


walfer BICHERDEEG

**Sonndeg, den 21. November 2021**

---

### D'Infoblat vum Lycée Robert-Schuman

De Lycée Robert-Schuman ass frou Iech mat dësem Newsletter e klengen Iwwerbléck iwwer dat mat op de Wee ze ginn, wat Iech hei zu Walfer op der 26. Ausgab vun de Bicherdeeg erwaart. Mir sinn elo schonn déi 7. Kéier op de Bicherdeeg fir dëse Flyer ze produzéieren.

En Team vu Schüler aus dem LRSL vu 7eme bis 1ère, déi och eis immens erfollegräich Schülerzeitung „Fënnef vir Zwou" produzéieren, dokumentéiert mat dësem Flyer d'Eventer vun de Bicherdeeg. De Flyer ass vun Text bis Layout integral vu Schüler produzéiert, an eise Lycée ass houfreg op eist Team, dat dëse Flyer a senger Fräizäit produzéiert.

Luc Wildanger
Responsabelen Enseignant
**Lycée Robert-Schuman**



Von Zauberworten und Zukunftsmut

## Von Zauberworten und Zukunftsmut

Zauber spillt eng wichteg Roll am Liewe vun all Kand. Egal op beim Spille mat Frënn oder beim Entdecke vun der Welt op eege Fauscht, mat en bëssi Fantasie kënne Kanner eben iwwerall Magie gesinn. Dëst ass eng Fäegkeet, déi deene meeschte Mënschen awer am Laf vum Erwuesseginn leider verluer geet. Mee wier et net heiansdo ganz nëtzlech deen oft groen Alldag och mol duerch ee Bräll vum Zauber kucken ze kënnen a sech beim an der Zopp réieren ze fille wéi ee groussen a mächtege Magier, de grad en Zaubertrank zoubereet?

De besonnesche Fokus bei den dësjärege Bicherdeeg läit op de Kanner an de Kannerbicher. Op deene Bicher, aus denen d'Elteren owes virum Schlofegoe virliesen, an op dene Welten an déi d'Kanner mat der Täscheluucht ënnert der Bettdecke verstoppt bis spéit an d'Nuecht heemlech andauchen. Welte voller Magie a Freed, Geschichte voller Abenteuer mat Helden a mat Draachen, Geschichten, déi d'Fantasie ureegen a weisen, dass ee mat Courage an e bësse Feeëstëbs alles am Liewen erreeche kann.

Bicher déngen eis awer dach all als Portal an aner Dimensiounen, et kéint een also soen, dass all Wuert een Zauberwuert ass. An der richteger Reiefolleg transportéiere Wierder een, wouhin och ëmmer ee grad Loscht huet. "I have lived a thousand lives and I've loved a thousand loves. I've walked on distant worlds and seen the end of time. Because I read." Dëst ass een Zitat vum George R. R. Martin, dem Auteur vu "Game Of Thrones", den domadder däitlech mécht, dass Bicher eis zäitlech a raimlech eigentlech iwwerall hin zaubere kënnen.

Bicher inspiréieren. Si inspiréieren eis dozou d'Welt besser ze maachen, en eben och e bësse méi magesch, wann een et sou wëll. Kanner wëllen Helde ginn, sou wéi déi an de Bicher, an si sinn et schonn, si sinn d'Helden an hirer eegener Geschicht, voller Iddien. Dovunner kéinte mir eis all eng Scheif ofschneiden. Eis Welt brauch erëm méi Zauber a manner Zauderen. Also loosst eis ufänken eis selwer als Helden an engem Kannerbuch ze gesinn, op enger Missioun fir d'Welt zum Gudden ze veränneren, mat Zauberwierder a Courage fir d'Zukunft.

# Große Eröffnungsfeier & Buchpreis am Donnerstag

Am Donnerstagabend, dem 18. November 2021, war es wieder so weit: Nach einem Jahr Corona-Pause konnte in Walferdange endlich wieder das Buch gefeiert werden! Und das Warten hatte sich gelohnt, denn die Besucher waren zahlreicher denn je.

Bei der 26. Ausgabe der Bicherdeeg wurden Eröffnungsfeier und Buchpräis zusammengelegt.

Bürgermeister François Sauber war die Freude bei der Eröffnungsrede anzumerken. Neben zahlreichen Projekten der Walfer Schulkinder, von denen eines sogar stellvertretend auf die Bühne kam, erklärte er begeistert alle Besonderheiten dieser 26. Edition der Bicherdeeg.

Dann schwang die Stimmung kurz um: Jos Kayser erinnerte in einer rührenden Rede an den im Januar 2021 verstorbenen Verleger Manuel Schortgen.

Ian de Toffoli, Präsident der Lëtzebuerger Bicheréditeuren, gab schließlich den Startschuss zum Buchpräis, auf den alle gespannt warteten.

**Jemp Schuster** wurde für sein Buch **Bluttsëffer**, erschienen beim Verlag der Imprimerie Centrale, mit dem Lëtzebuerger Buchpräis 2021 in der Kategorie Literatur ausgezeichnet, und konnte damit den begehrtesten der Preise gewinnen. Schusters Buch




zeichnet hierbei ein interessantes Bild der luxemburgischen Gesellschaft, inspiriert von einer zufällig entdeckten realen Familiengeschichte.

In der Kategorie Sachbuch konnte **#LuxUKLinks von John Marshall** (Maison Moderne) den Buchpreis gewinnen, während in der Kategorie Kinder- und Jugendbücher **Waking the Mountain von Marina Fonseca und Lisa Junius** (Zoom Edition) als bestes Buch ausgezeichnet wurde.

Den Designpreis gewann **Stories from the Inside 40 Years Valentiny Architects von Anna Valentiny** (Point Nemo Publishing).

Und passend zum Fokus der 26. Bicherdeeg auf das junge Publikum errang **12 nei Gutt-Nuecht-Geschichten von Sonja Bintener und Sejana Granatkina** (Editions Phi) den Publikumspreis.

# Den 1. Dag vun de Bicherdeeg 2021

Kulturell schéngt d'Welt mindestens e Joer net gedréint ze hunn. 2020 war e Joer, an dem mir all op vill kulturell Aktivitéiten hu misse verzichten. D'Kinoen an d'Theateren waren zou. Versammlungen waren verbueden. Och d'Bicherdeeg hu missen ofgesot ginn. No 25. Joer an deenen d'Bicherdeeg zu engem festen kulturellen a literareschen Mëttelpunkt gewuess sinn, koum eng onfräiwëlleg Paus.

Och mir vum « Fënnef vir Zwou », der LRSL Schülerzeitung, konnten e Joer laang net uerdentlech schaffen. Eng Schülerzeitung ouni sech reegelméisseg ze gesinn an sech auszetauschen, war koum machbar. Dofir si mir frou, dass mir och erëm e klaengen Bäitrag liwweren kënnen, an no engem Joer Paus erëm op de Bicherdeeg ënnerwee sinn



### Jugendbuch am Mëttelpunkt

No dem Joer Paus hunn d'Bicherdeeg e puer Ännerungen mat sech bruecht. D'Aussteller sinn nei op dem Site verdeelt, an d'Kanner an d'Kannerbuch sinn dëst Joer an de Mëttelpunkt geréckelt. D « Books for Kids » sinn dëst Joer an de Centre Prince Henri geplënnert, wou déi jonk Lieser elo d'Verlagen an d'Aussteller fannen, déi Jugendliteratur virstellen.

An der Hal 1 ginn dofir elo d'Bicher aus zweeter Hand ënnert de Mann an d'Fra bruecht, wärend déi professionell Verlagen elo an der Hal 2 ënnert sech sinn.

De Walfer Buergermeeschter François Sauber sot eis am Interview: "D'Editeuren an d'Auteure si ganz frou, dass si hir eegen Hal mat nëmme Professioneller hunn an ech mengen och de Secondhand Marché

leeft ganz gutt esou. D'Leit sinn immens frou virun allem d'Kanner, mat der Kannerhal."

D'Foodtrucke komme laut dem Buergermeeschter besser un ewéi d'Zelt vun de leschte Joren. "Mir hunn eng hallef Dose Foodtrucke mat verschidden Iesssaachen ewéi chineesesch, portugisesch oder Burgeren an do ka jiddereen iessen, wat en wëll an d'Leit si ganz frou ee Choix ze hunn."

**Lëtzebuerger Auteuren**

D'Bicherdeeg versammelen no engem Joer also och erëm vill bekannt lëtzebuergesch Auteuren. Dëst Joer sinn och nees zwee Auteuren aus der Walfer Autorenresidenz op de Bicherdeeg present, d'Christiane Kremer an de Roland Meyer. D'Walfer Autorenresidenz ass viru véier Joer an Zesummenaarbecht mat de „cahiers luxembourgeois" an d'Liewe geruff ginn.

D'Christiane Kremer ass eng vun den zwee Gaaschtauteuren, déi dëst Joer d'Auteureresidenz vertrieden. Si schafft als Moderatorin, awer och als Schauspillerin, Auteur, Iwwersetzerin an als Editrice vum vun hir selwer matgegrënnte Verlag Kremart. Si schreift Kuerzgeschichten, Bicher an och Theaterstécker fir Kanner, Jugendlecher an Erwuessener. Si schreift hir Bicher an Texter op Lëtzebuergesch. Dat éischt Buch vum Christiane Kremer, „Mammendag", war gläichzäiteg och dat éischt Buch vu Kremart. 2019 krut si fir hiert Kannerbuch „So mol, Lobo" de Lëtzebuerger Buchpräis an der Kategorie Kannerbuch.

De Roland Meyer ass Schoulmeeschter a fënnt, dass him den deeglechen Ëmgang mat de Kanner hëlleft fir sou altersgerecht wéi nëmme méiglech schreiwen ze kënnen. Sou ass et him zum Beispill perséinlech wichteg, ëmmer bei der Wourecht ze bleiwen. 2017 krut hien de Lëtzebuerger Buchpräis an der Kategorie Kanner- a Jugendbuch fir „Tel Mo". Iwwerhaapt schreift de Roland Meyer immens lieweg a flott Jugendbicher, woubäi „den décken dommen Dudu" besonnesch beléift ass.

**Liesung "Halbes Leben" vum R. Fielgen**

Ganz néi präsentéiert gouf op de Bicherdeeg d'Buch « Halbes Leben » geschriwwe vum Romain Feltgen. Dat autobiographescht Buch erzielt aus dem beweegte Liewe vum Auteur. Hien ass an den 1960er als éischte Jong vun enger Aarbechterfamill op d'Welt komm. Si waren eng grouss Famill. De jéngste vu senge Bridder ass am Spidol gestuerwen. Kuerz drop ass dem Auteur seng Mamm mat enger vu senge Schwëstere fortgaangen, an de Papp war eleng mat den anere Kanner, mee och dat war net fir laang, well déi reschtlech Geschwëster och net méi laang doheem bliwwe sinn. Sou ass et komm, dass de Romain Feltgen eleng bei sengem Papp gewunnt huet.



An jonke Joren huet den Auteur dunn d'Erfarung gemaach, wéi et ass an engem Kannerheem ze liewen, mee awer eben och wéi d'Zellen um Policebüro, awer och am Prisong ausgesinn. Am Prisong ass hien da gewuer ginn, dass de Mäerder vu senger Stéifmamm och asëtzt. Hien huet dëse kennegeléiert an hie souguer als sympathesch empfonnt. Dëst huet hie staark gepräägt. D'Liesung huet d'Komplexitéit vun der Autobiographie gutt erëmginn. Gelies gouf den Ausschnëtt net vum Auteur, mee vum André Jung.  D'Buch erzielt d'Erfarungen aus engem Liewen, dat vill am Prisong verbruecht gouf.

# Workshop #bookreview

Fünf Schüler des Lycée Robert-Schuman an einem Workshop zum Thema Literaturkritik teilgenommen. Organisiert wurde dieser von Jérome Jaminet, Deutschlehrer am Lycée Michel Lucius und bekannter luxemburgischer Literaturkritiker. Während des Workshops erläuterte Herr Jaminet wie man eine Buchkritik verfasst und zeigte den Schülern wie man Rezensionen mittels verschiedener Medien publizieren kann.

Die Schüler wurden dabei Schritt für Schritt an die Thematik herangeführt. Der Workshop entpuppte sich als interessante Einführung in die Welt der modernen Literatur, und war gerade für Buchliebhaber äußerst ansprechend. Mit der Hilfe des engagierten Herr Jaminet werden die Schüler in den kommenden Wochen ihre eigenen Buchkritiken verfassen, welche dann sogar via Radio, Zeitschrift und Instagram publiziert werden.



# Interview avec Lionel Lindenburger

Intéressé vivement au sport depuis son plus jeune âge, Lionel Landenburger défend les valeurs du sport et c'est cette passion qui l'anime et qui lui a donné l'envie de promouvoir le sport à travers son livre "Roud Léiwen". Dans son livre, Lionel Landenburger retrace le parcours de sportifs luxembourgeois dans 33 disciplines différentes qui sont connus au sein de notre pays mais pas hors de ses frontières.

**Quel était votre inspiration pour écrire votre livre ?**

Je suis passionné de sport et j'habite au Luxembourg donc l'idée m'est venue assez facilement de m'intéresser aux sportifs de Luxembourg. J'étais vraiment étonné du nombre de sportifs dont ce petit pays dispose et qui s'engagent pour leur pays. J'ai apprécié la diversité sportive que j'ai également pu recenser dans ce livre. Au départ je n'avais pas de plan précis et en partant de rien j'ai retracé l'histoire du sport au Luxembourg.




**Quelles rencontres vous ont le plus marqués ?**

D'un point de vue général chaque rencontre était unique en son genre néanmoins celle qui m'a le plus marqué c'était celle de Kévin Haas. Ce qui m'a le plus marqué chez lui c'est qu'il était instituteur et champion du monde de boxe thaï. En plus de sa réussite sportive il a su monter de toute pièce son propre club de boxe thaï et entraîne des jeunes. Sinon j'ai aussi pu découvrir des sports peu connus tel que la capoeira et j'étais fasciné des équipes de football et leur union imparable.

# Fotoausstellung vun de Walfer Foto Frënn



Säit dem 4. November an nach bis den 21. November kann een op der Virplaz vun der Maison Dufaing eng flott Fotoausstellung besichen. Dës Fotoausstellung ass am Kader vun de Walfer Bicherdeeg 2019 entstanen an ass vun de Walfer Foto-Frënn realiséiert ginn. Bei de Walfer Foto-Frënn handelt et sech ëm eng a.s.b.l., déi 1984 gegrënnt ginn ass a 55 Memberen huet.
Si hunn op de Walfer Bicherdeeg 2019 ganz perséinlech Andréck festgehalen an dobäi si verschidde Momentopnamen entstanen, déi d'Léift zu de Bicher an der Literatur erëm ginn. Den Zweck vun dëser Fotoausstellung ass et esou de Leit een Abléck an d'Bicherwelt ze erméiglechen, an esou d'Andréck vun de 25. Bicherdeeg festzehalen.
D'Fotoe wierken elo zwee Joer méi spéit ëmsou méi impressionnant, wou dach déi lescht Bicherdeeg wénks der Pandemie ofgesot hu misse ginn. Gitt Iech dës flott Ausstellung vun de leschte Bicherdeeg ukucken.

---

# Lycée Robert-Schuman

## Produzéiert vum Team vun der LRSL „Fënnef vir Zwou" Schülerzeitung

BECKIUS Amélie
BECKIUS Julie
DI PAOLI Gianni
FLAMMANG Lena
GERDEMANN Richard
GRAS Cindy
HEINZ Gioia
HELMLINGER Camillia
KLAASSEN Eline
MAX Julie
REULAND Julia
SALOMON Toni
SCHROEDER Anna
SCHROEDER Manon
WÖMPNER Laure

